# DE KECHENSCLUB

Leschtegt Steck an engem Akt

Perso'nen :

1. Madame Duffinet (Propietaire vun enger Teinturerie - 45 Joer - )
2. Josette (hir Duechter - 18 Joer - )
3. Philomène (hir Kechen - 50 Joer - )
4. De Kechensclub (eng beliebig Zuel Perso'nen vu verschiddenem Alter )

Decors :

Eng Stuff . Diren rechts a lenks . En Telephone

---------------

M. Duffinet ( get op an of an ass an enger Roserei ) Eraus elei Philomène ... eraus soen ech .. So' se'er we' der kent aus dem Haus .. Pakt êr Valissen a macht iech eweg. Ech bezuelen iech êr 8 Deg , wann ech iech nömmen net me' gesin .. Fort ... Gitt um Gotteswöllen , oder ech gi krank ..

Philomène ( am weisse'Schirteg , d'Ärem eropgetreppt bleiwt ganz ro'eg a set matt enger ganz gleichgültiger Minn :) 'T ass gudd , Madame .

Madame : (nach me' well a matt vill Gegesticule'ers ) Wâ..t .. 'T ass gudd .. set eso' eng onverschîmt Perso'n ... Also et wär gudd wann ech krank ge'f .. Bei all dem wât der gesticht hutt nach eso' eng Frechhêt ... Geschter meng sche'n chinesesch Vas gebrach ..de mueren den Hämmelsjigot komplett verbrannt .. ek'nescht mam Spannekapp an de Ridauen hänke bliff an se vun ueven bis ennen durehgerappt .. ech froe mech wât nach kent. Aus dem Haus soen ech ... an elo se'er .

Philomène : (net aus der Fassung ze brengen ) ' T ass gudd Madame .

Madame : (ausser sech ) Ah .. di Méd .. wât eng Plo . Ni·me' kent mer eng an d'Haus .. Meng Duechter an ech mir gin och schon oni Personal ferdeg .. Le'wer machen ech d'Ärbecht ganz eleng ...

Philomène : (emmer matt dem selvechten To'n ) ' T ass gudd Madame .

Madame : Alt erem .. Jo .. baschte kent en âner sech .. dann ass dât nach gudd bei eso' enger Zort .. Kuckt dass der fortkommt .

Philomène : ' T ass gudd Madame ..

Madame : (ganz aus der Fassung ) ' T ass gudd .. 't ass gudd, 't ass gudd ... Elo he'ert ower alles op .. Dir hutt e besonnescht Talent fir ên rosen ze machen .. Ech krè'en ganz bestömmt eng Herzkris op dât elei ..

Philomène : (oni eng Minn ze verze'en ) ' T ass gudd Madame ..

Madame : Onerhe'ert ... Onverschimt ... Fort soen ech a ni me' erem .. et ass mei lescht Wuert ..

Philomène : (zitt den Otem ganz de'f ) Jo Madame .. ech gin , awer ech wollt d'Madame drop opmerksam machen dass se mech ewell schon I5 mol fortgescheckt huet , an all Ke'er wann ech am gang war meng Valissen ze packen, a wann den Eifer vun der Madame sech geluegt hat, dann huet se gebiedelt ech soll dach bleiwen. (Ganz resolut ) Duerfir .. ir ech des Ke'er zesummepacken ... erlaben ech mir d'Madame ze froen, op ech de' Ke'er definitif fortgescheckt gin ...

Madame : (ganz energesch ) Jo .. des Ke'er gin ech net me' hannert mei Wuert ... Fort soen ech ,a mat dass der ni me' e Fo'ss bannt meng Dir setzt ...

Philomène : ( an engemš ass et bis bei Dir gêt ) ' T ass gudd Madame, da gin ech ... ma ech gesin hannert dât ganzt Spill ... (resselt de Kapp ) Blanne Mannöver ass alles , blanne Mannöver ..

Madame : (verwonnert ) Blanne Mannöver . ?

Philomène : (kent erem zreck) Jo Madame ., blanne Mannöver a soss [illegible] neischt . Dir wert menger gär lass .. Net , well ech meng Arbecht net gudd machen, ... ma êrt Geschäft ass um Hond, Dir kent iech keng Mechen me' hâlen ... an duerfir schekt der mech fort .

Madame : (iergerlech ) Wât ennerstitt dir iech an ons Affairen ze schwätzen .. Dât gêt iech guer neischt un ..

Philomène : (trotzeg) Ma gewöss Madame get dât mech eppes un .. Ech wosst ganz gené dass d'Rei elo u mech ke'm .. T'ieschst go'f Botzfra fortgescheckt .. du de Laufbursch .. durno 2 Medercher aus der Wäscherei., a virun e puer Deg de Mann aus der Fierwerei .. an elo ass d'Rei u mir .... (spöttesch) Ech sin dach net eso' domm .. Sot mer dach d'Woerecht aplatz all onme'glech Konschten opzezielen.

Madame : (lacht ) Wât's du ower Sachen erfenns, Philomène .. Einfach schrecklech ..

Philomène : (bleidigt) Jo et ass einfach schrecklech,ên eso' oni wei-teres fortzeschecken . ma ech wollt iech nach soen , wann ech des Ke'er fort gin , dann ass fir gudd ..Madame. (wichteg) Ech hun eng Platz an Aussicht ..

Madame : (erfe'ert ) Wât ?....

Philomène : Jo .. an eng secher Platz , Madame .. Eng wo' ech all Mo'nt regelmässeg meng Pei kre'en . an net we' hei emmer drop wârde muss bis et en etlech Klienten affällt iech ze bezuelen ..

Madame : (sprachlos ) We' ?....

Philomène : (lacht ) Hä , dir musst dach verstoen, dass ech meng Pré-cotio'nen getraff hun we' ech gesin hun we' d'Sach steng. Ech soen iech jo , ech hu scho lang gesin datt et hei net me' lang geng , an ech change'eren d'Herrschaft och mol gär ..

Madame : (beleidigt) Ass dât do de Merci fir all di gudd Joeren de' der hei verbruecht hutt. (be's) Dir sitt eng ondankbar Kreatur , Philomène ..

Philomène : (buschteg ) Dât ass net meng Schold wann dir Konkurrenz hutt , an denen hir Maschinnen besser sin ewe' êr , dass se de Leidd hir Sachen fir den halve Preis botze können .

Madame : (be's ) Ech hun iech schon eng Ke'er gesot .. Dât get iech guer neischt un ..

Philomène: Ma dat ass dach de ganze Witz .. a grad mech get et am mêschten eppes un .. well d'Arbecht vum sämtleche Personal wât der entloss hutt geierwt hun ...

Madame : (wellt eppes soen ) Philomène ..

Philomène :(ennerbrecht se direct) Jo .. jo .. dir kent soen wât der wellt ma et ass richteg .. Wien huet d'Biedem geschruppt di lescht drei Wochen ?. Wien huet Laufbursch gespillt .? Wien huet no der Heizung gekuckt .? Wie kont beim Fierwkessel stoen .? a wie kont nach derbei kachen .? ken aner we' ech .. an da wonnert iech nach wa mei Jigot mer ubrennt ....

Madame : (rosen ) Dass des elo grad genug .. Kuckt dass der eraus kommt ... ma dir sicht nach lang ir der eso' ent e'erlecht a respektablet Haus fannt we' onst hei.

Philomène : (wichteg) Ma d'Madame soll sech wuel verwonneren . Ech brauch mech nömmen bei der Madame Jemoullet virzestellen.

Madame : (erfe'ert) We' ... bei der Madame Jemoullet ...

Philomène: (siegesbewusst) Jo Madame .. bei êrer Frenndin .. der Madame Jemoullet .. Hutt der dann net he'eren we' se des lescht gesot huet .. Philomène , wann êr Madame iech emol êmol sollt fortschecken da kommt der bei mech .. mir empfänken iech matt offnen Ärem ..

Madame : (verächtlech ) Aha .. an eso' eppes nennt sech eng Frenndin .. wât eng Pescht ..

Philomène :(ganz vergnügt ) Jo.. jo .. êr leibhafteg Frenndin huet dât gesot .. Dât ass dach nach eng de' eng gudd Kechen apprécie'ert..

Madame : (rosen ) Mir meng Kechen eweg ze schwätzen .. Onerhe'ert .. Ma iech wärten d'An nach op fueren wann der mol do sitt.. Wann der hir Kotteletten an hir Jigoten och eso' dack ubrennt we' meng , da kritt dir gesot wo'hin ...

Philomène : Dât wärt scho guer net me' virkommen. do brauch ech nömmen nom Kachen ze kucken .. Wann ech net rechts a lenks an iwerall muss rennen, dann hun ech Zeit fir meng Döppen z'iwerwachen ..

Madame: Dir wert iech nach al verwonneren.. Dir hutt bestömmt vill manner frei Zeit we' hei ..

Philomène: (se'er ) Do sitt der ower am Irrtum, Madame .. Vill me' frei Zeit hun ech . All Woch ê Nometteg frei an nach Sonnder mëttes .. Da kann ech dach mol erem ro'eg an d'Versammlungen vun onsem Club goen ..

Madame : (lacht sech bâl ewech ) Ere Club ... Sitt dir an engem Club,?

Philomène : (ganz êscht ) Majo secher , Madame .. Am Kechensclub..

Madame : (kent bâl net me' zo' sech vu lachen) E Kechensclub ..Dât gesich ech ower mol gär.. Nén, wat e Witz .. E Kechensclub .. Get et dann fir alles e Club .

Philomène : (bleiwt êscht)Ech we's dach gär firwât net och fir d'Kechen. wât eng domm .. Mengt der de' missten ewe'g an de Kannerschong stieche bleiwen. .. a wât ass .. wo' et op der ganzer Welt kê me' e gele'erte Beruf get we' grad eng Kechen .

Madame : (lacht nach emmer ) Wât en Toupi ...

Philomène : (ganz wichteg) Ma gewöss dât ,Madame .. Dié raffine'erste Minister ass net am Stand dât einfachst Mettegiessen ze machen... En Ingene'er, dien un all me'glech Sache kniffele gêt ass sprachlos virun enger Bombe glacée ... En Apdekter, dien honnerterlé Medikamenter zesummere'ert,geng iech garante'ert di einfachst Béchamelszoss verpfuschen .. an e Mathematiksproffesser geng sech bestömmt beim iescht beschte Sandkuch verrechnen ...

Madame : ( spötteg ) Ma dir schengt mer gudd Le'ermêschter an dem Club ze hun..

Philomène : (êscht ) Majo secher .. wât ênt net wês dât wês dat anert.. 't kann ên un dem âner le'eren .. dir sollt emol gesin ,we' flott et an onsem Club hiergêt .. Recetter gin ausgetauscht Spiller gi gemach.. ma dât flottst sin d'rhythmisch Reigen an ons Fanfare ...

Madame : (platzt vu lachen ) Né, Philomène, dir gitt emmer besser ... Eng Fanfare .... Eng Musek .. d'Kechensclubsmusek.. fir emzetrellen ...

Philomène : (bleiwt nach emmer ganz êscht ) Ma guer net .. Firwât solle mir da keng Musek hun... dié klengst Club huet dach seng Musek .. 'T ass mol keng an der ganzer Stadt de' besser fonktione'ert.. .. Platt wärt der , wann der se mol gengt gesin optrieden ..

Madame : (spötteg) Dir wärt dach um Enn net och an der Musek sin ..

Philomène : (wichteg) Ma dach grad ..

Madame : Fir sech do'd ze lâchen .. Ma Philomène, dir kent dach net è Batz Solfège..

Philomène : (wegwerfend ) ..Solfège .. Neischt me' einfach we' dât .. (resselt de Kapp ). Solfège..Punkten a Strecher a soss ass et dach neischt ..

Madame : (lacht)Wât fir en Instrument spillt dir dann zum Beispill?...

Philomène : E Strement ... Ma di deck Tromm , par exempel..

Madame : Do he'ert d'Welt ower op ..

Philomène : Ma nén, si fänkt ere'scht un .. Elo ass et dach mol richteg we' et soll sin.. Soss sin d'Kechen gelâf fir eng gudd Plâtz ze fannen, haut lâfen d'Madammen fir eng gudd Kechen ze fannen. .. Soss , wann eng Kechen baust Dir gesât go'f, da sutz se, 't huet ké Mönsch sech em se gekemmert..Haut besuergt onse Club ons direct eng âner Plâtz , et brauch

ên et nömmen ze melden .. (bedenkt sech ) Ma richteg ech kent emol an der Permanence ufroen ...

Madame : (spöttesch) Wo' ufroen ..?

Philomène: Ma an der Permanence vum Kechensclub .. Samschtegs nomöttes ass emmer ên do .. (gêt bei den Telephon ) Loss mer emol probe'eren ...

Madame : (vèrwonnert) Mengt ên ower kent net me'glech sin ..

Philomène : Ah Madame .. et ass ower me'glech an dir wert emol gesin we' ech gehollef kre'en .. (dret d' Nummer ) Allo ...

Madame : (resselt de Kapp ) Né , wât eng Welt....

Philomène : (lesst sech guer net ste'eren ) Allo .. sin ech an der Permanence vum Kechensclub .. Jo .. Hei ass d' Philomène Haïtout ... H a i t out .. jo .. we' Tra-la-la - i -tuu.. (hatt trillert ) .. Wât sot der .. aus Tiro'l .. nên , ech sin aus dem Esleck .. .. Wât gelifft .. Jo ..jo ech si Member .. We' .. Meng Nummer .. Ó ech wês se mol net auswendig .. Mir kent jo nokucken .. dir hutt jo d'Kartotek do .. gelt ... Aha gudd ...so' dir hutt et fonnt .. Abé , ech wollt iech soen dass meng Madame mech fortgeschekt huet .. We'... jo oni 8 Deg .. Wât .. reklamme'ren .. Nên ech gi le'wer direct , si bezuelt mer di 8 Deg .. Wât.. eng âner Platz.. Jo..jo de' hun ech schon,ech wollt nömme froen op d' Membere vum Club mer kenten hellefen kommen meng Sachen dohin ze transporte'eren ...

Madame : (fir sech ) Ass dât nach dran ... d'Welt ass ower komplett op der Kopp ...

Philomène : (fiert virun) Jo jo .. en Taxi . dât gêt duer ..ech hun nömmen drei Valissen .. Wât sot der .. et wären der haut nach ze transporte'eren de' d'Platzen change'eren .. We' .kommt der matt engem Kammion;.... Eng Kammionette ..jo..jo .. t'ass gudd .. Wât gelifft .. aha an enger ve'erelstonn .. Jo ech packen da gleich an. ... Meng Adresse ..ajo .. Madame Duffinet .. Jo, jo , di Fierwerei op der Honnoluluerplätz. Jo.. jo .. bis herno dann .. villmols merci .. (let den Hörer nidder a wellt ausgoen )

Madame : (sprachlos ) A wât hêscht dât do ?...

Philomène : (siegesbewusst) Ma dât hêscht .. we' der elo he'eren hutt, dass elo e puer Kommerodinnen , Memberen aus dem Club , mech per Cammionette siche kommen fir meng Sachen ze transporte'eren, we' dât an de Statuten bei engem Changement vun der Platz virgeschriffen ass ..

Madame : (resselt de Kapp ) Do soll onser ên nach no kommen .. Hun se well och scho Statuten .. Ech soe jo, d'Welt ass förmlech op der Kopp .. Nên , nên .. ech kommen net me' no.

Philomène : Dât hun ech scho lang gesin .. (get aus ) Also ech gin elo meng Valissen packen , dass ech ferdeg sin , wann se kommen.

Madame : (lesst sech op e Stull fâlen ) Ech sin erledigt ... komplett erledigt .. Wât Leidd sin ower op der Welt ..Dié rengsten Anarchismus .. Nén , nén.. wât eng Welt ..

Josette : (kent eran ) Ass eppes geschitt , Mamma ?

Madame : (réft sech zesummen ) Ma ech hun d'Philomène missen entlossen.

Josette : (erfe'ert)D'Philomène entlossen .. A firwât dann ?...

Madame : (verdresselech ) Ma Kand , du wés dach , dass et ons onme'glech ass eng Kechen ze hâlen. Zenter ass de Pa p do'd ass, gêt onst Geschäft emmer me' biergôf...Du wês dach dass mer knaps nach matt den Enner duerkommen.

Josette : Jo, dât wês ech jo , ma wât hues de zum Philomène gesot.

Madame : O, ech hât navell eng gudd Ursach , et hât de Jigot verbrannt, 't huet meng sche'n chinesesch Vas gebrach an de mueren d'Ridauen zerrappt .. ma ech kont soe wât ech wollt et huet hannert d'Spill gesin .. Et huet sech et we' halver erwârt .

Josette : Mengst de et wär au courant, dass mer um Hond sin .

Madame : Jo, et wês ganz gené beschêd .. Iwrigens kenne mer et geschwön net me' vertuschen, jidderé geseit jo dass ons Maschinnen neischt me' entdagen an dass mer all Dâg me' Konnen verle'eren... (ganz verdresslech) Et ass net drun ze denken .. mir si ruine'ert. Et misst schon e Wonner gesche'en dass mer erem eraus ke'men.

Josette : (se'er) E Wonner ... ma ech denken elo grad un ons Billeten vun der Loterie...So , wa mir d'Millio'n genge gewannen .. da wäre mer gerett..

Madame : (resselt de Kapp ) d'Millio'n hätten ... mir hun nach ni eppes gewonn..

Josette : Firwât solle mer dann net och emol derbei sin .. Wo' ass d' Zeitung .. Ass se dann net gescht gezun gin.(Hatt helt d'Zeitung, si kucken allenzwê )

Madame : (an engems ass se no der Löscht sichen) Mei Gott wat Illusio'nen.

Josette : Illusio'nen .. firwât net ... (op émol ganz fro' ) Hei .. dien ass dach bei onse gewiescht .. Kuck Mamma ..045379 ..

Madame : (op émol ganz erdeg ) Se'er , wo' sin d' Billeten ..(an engems ass se hurteg aus engem Tirang d' Billeten eraus helt) Et wär net ze fassen ...

Josette : (helt se se'er ) Et bestêt kên Irrtum ..045377 .. 045378 .. (op emol ganz enttäuscht ) Ech war dach der Mênung mir hätten och 79 gehât ..

Madame : (ganz iwerzêgt) Jo secher die war derbei .. (ganz entäuscht) dann ass dât dien ,dié mer dem Philomène fir sein neit Jährche gin hun ...

Josette : (enttäuscht ) Ausgerechent dien .. Nuje , d'arem Fra kann och mol êmol Gleck hun ..

Madame : (e beschen iergerlech ) Wat e Pech ..Wo' soll et e leien hun .

Josette : Ma ech hun e ges cht nach gesin am Kichschâf leien

Madame : Kuck , wa mer net e'erlech wären... da genge mer dien elo huelen , an ên vun dössen an d'Plâtz léen..et geng et mol wirklech net anuecht huelen ..

Josette : (ganz entrüst ) Mamma , wo' denkst de hin . Le'wer geng ech hêsche goen we' eso eng One'erlechkêt .. Ech hätt jo mei Liefdâg keng Ro' wann ech ên eso' bestuel hätt..

Madame : (bedenkt sech ) Op ên et grad bestuel kent nennen .. mir hun em en jo eigentlech gin ..an ..et denkt mol wirklech guer net me' drun ..

Josette : (ganz energesch). Nên an honnert mol nên .. a wann et och nie eppes geng mierken , ech soen der jo, le'wer geng ech hêschen we' ên eso' ze hannergoen ..

Madame : (helt sech erem ) Du hues recht , wo' kent ên nömmen op eso' Gedanken .. Ech wês jo selver dass ech ni e Sou dervu wellt . an ech vergonnen dem Philomène wirklech vu ganzem Herz .. et war emmer eng trei an e'erlech Haut ..

Josette : (an engems ass et bei Dir gêt ) Loss mer em et se'er soen..

Madame : (an engems ass si di aner Seit aus get) Jo so em et direct, ech muss nach hurteg bis an d' Geschäft goen ..

Josette : (rifft zur Dir aus ) Philomène ... Aha , do kommt der schon, Mei Gott scho résferdeg .

Philomène : (kent eran , Hutt a Mantel un , zwo' Valissen an der Hand ) Majo Joffer Josette , de' Ke'er ass et êscht .. d'Madame huet mech fir gudd fortgescheckt ..

Josette : (setzt sech a set an engems) Ech wês et Philomène . ma kommt setzt iech e we'nig ech muss iech nach eppes soen.

Philomène :(energesch ma net frech ) Né , Joffer Josette et ass sech des Ke'er neischt me' ze schwätzen, ech bleiwen net me'... Ech hun es genug fir Sachen beschöllegt ze gin , wo' ech guer net derfir kann.. wann ên zevill vun engem begiert, da gêt et net me', mam beschte Welle net ..ech gin,an domatt basta..

Josette : Ech wês , dir wort emmer eng trei an ze'verlässeg Perso'n . a wann ên joerlâng matt engem gewint war, da kann ê kên ânren em sech denken ..

Philomène:(setzt sech ) Mei Gott, lo gêt Gelamente'ers schon erem un.. (an engems ass et d'Nueschnappech eraus helt set et fir sech) Domm, dass ech elo schon erem muss pinschen ,.. Et ass

wo'er, wann ên so' lang an zwo'sch war dêt et engem lêd wann ê muss fort .. Dir wart emmer gudd ge'nt mech ..an d'Madame och .. et ass ê jo we' vun der Familjen.

Josette: Et dêt der Mamma och bestömmt lêd, ma Philomène, mir kennen ons keng Keche me' hâlen .. Onst Geschäft gêt guer net me' , mir sin um Ruine'eren.

Philomène: Ech wês dât jo alles .. ech hun et jo gesi komme,.Wât macht der dann elo .?

Josette : Loss mer elo net dovu schwätzen .. Ech hun iech eppes ganz âneschtt ze soen ... eppes ganz Frédeges....

Philomène:(ffo') Gitt der îre bestued , Joffer Josette , . Dât wär fein. En neie Patron ant Geschäft , da geng et erem goen ..

Josette : (lacht ) Nén .. nên .. nach neischt an Aussicht ..Nên et ass nömmen eppes wât iech eleng ugêt .. Eng ganz gro'ss Fréd..

Philomène:(ganz erstaunt) Eng gro'ss Frêd .. Dir macht mech virwätzeg..

Josette: (ganz bedächteg) Hutt der keng Herzkrankhét .. Sitt der am Stand e Choc zerdroen..

Philomène:(sprengt op a gesticule'ert) Sot Joffer .. ech verbidden iech ower de Spott matt mir ze mâchen... Eng Fra a mengem Alter zum beschten ze hâlen ..

Josette : (wiert sech ) Ma ech machen de Geck nat matt iech .. Ech wollt iech nömmen drop virberêden.. Well e gro'sst onerwârt Gleck kann ê grad eso' t'eneschtt t'iewescht geheien we' e gro'sst Lêd ..

Philomène: (wegwerfend ) Je.. je .. wât ka mir aler Fra dann nach vu gro'sst Gleck bege'nen ,.dât mech geng emgeheien ..

Josette : Denkt der nach un êrt Loterielo's..

Philomène: (se'er) O jemmen nên .. lo hât ech dât bâl vergiess, et leit am Kichschâf .. 045379 .. ech wês et auswenneg .. (bedenkt sech ) ech ...ech .. wärt dach net um Enn nach en IO dausender gewonn hun ...

Josette: (lacht) Ma dach Philiomène .. net nömmen IOCOO ma dât gro'sst Lo's hutt der .. (hat helt d'Zeitung ) Hei kuckt .. Dir hutt d'Millio'n ..

Philomène: (kuckt se'er , an ass bâl ausser sech ) Donnerliéwig ... (le'sst sech op de Stull fâlen ) Donnerliéweg nach êmol .. Da si mer gerett...

Josette : We' Philomène .. We' mengt der dât ?...

Philomène : (an engems ass et sech ma'm Nuesschnappech iwer d'Stîr fiert) Ma ganz einfach .. Ech kafen iech nei Maschinnen , dass der et matt der Konkurrenz kent ophuelen ..

Josette : (ennerbrecht et ) Op ké Fall Philomène .. dât sin er Souen..

Philomène : (ganz energisch) Jo secher sin et meng .. a wann ech se well an ert Geschäft stiechen ...oder wellt der mech net als Associée ... Dir wärt emol gesin wât mer an 't Lucht gin..

Josette : (e beschen misstrauisch) Sot Philomène .. ech bieden iech macht de Geck net matt mir ..Dir musst net mengen wann der elo Millionaire sitt dir kent den Utz matt de Leidd machen.

Philomène : ( ganz êscht) Ech mache kê Geck , op ech meng Souen lo duer dra stiechen oder an zwo'schâneescht ... an iwrigens , mengt der dann ech kent mech matt dene Souen amuse'eren an ech gesich iech elei zu Grond goen ... Ma ech hätt jo kên Hierz am Leif , wann ech net ge'ng zum Haus hâlen .. ( Stêt op a rêcht dem Josette d'Hand ) D'Accord Joffer Josette....

Josette : ( sprachlos ) Né Philomène .. Dât kann ech dach net unhuelen.

Philomène : (e besche beleidigt) We', dir wert mer dât dach elo net refuse'eren ?.....

Josette : (drent sech se'er em a rifft zur Dir aus ) Mamma komm mol se'er eran .. hurteg ...

Madame : (an enger Opregung ) D'Philomène wert dach net schwâch gefâl sin ..

Josette : (lacht ) Hatt net .. ma ech war bâl emgetrollt , an du,hâl dech och alt un ..d' Philomène wellt ons aus der Patsch hellefen .. et wellt ons Associée gin , nei Maschinen kâfen an onst Geschäft erem op d'He'cht brengen ...

Madame : (bleiwt we' ugewurzelt stoen ) Philomène ... et ass dach net me'glech .. Da wäre mer jo gerett ... (schle't d'Hän virun d' Gesicht ) Nên .. et ass bâl net ze gläwen ..

Philomène : (lacht , get op d'Madame zo' a rêcht er d'Hand ) Et ass di ênzegst Rettung , Madame , a firwât solle mer se dann net ma'm Schlapp huelen .. wann s'ons eso' vum Himmel getrollt ke'nt ....

Madame : (get dem Philomène d'Hand ) Philomène, ech wês net we' ech iech soll merci soen ... Kent der dât vun elè'nescht vergiessen ?...

Philomène: (ganz viv ) Mei Gott .. d' ass wo'er , ech muss denen an der Permanence elo hurteg beschêd soen dass ech net fortgin.. ir se sech op de Wé machen ... (get hurteg bei den Telephon) an dre't d'Nummer )

Josette : Wât ass dât .. Sollten der d'Philomène siche kommen ..

Madmae : Majo de Kechensclub .. dât muss ech der nach verzielen . et ass einfach wonnerbar .. we de' sech verstin..

Philomène : Allo .. Allo .... et äntwert kên .. Sollen se ire scho fort sin ..

(Iwerdem he'ert ên vu baussen en Auto tuten .. dann Deckelen rabbelen ,-ower net zevill Kame'di , dass et net grotesk wirkt- an da kommen ên hanner un dem âner Kechen vun all Kategorie, jonger an aler ,decker an denner eramarsche'ert . Wo' et sech mache le'sst kennen se durch de Sall erop op d'Bühn marsche'eren Si hun alleguer irgend ên Kichenutensil an der Hand fir Gedeisch ze machen : z.b.zwe'n Deckelen fir widderênzeklappen. en Frichter fir derdurch ze sangen ..asw... Si droen all weiss Schiterger an um Kapp ofwieselnd:eng droten Hirtehen de' matt engem zimlech bréden weisse Band em de Kenn an uewen drop matt engem decke Putsch gebonnen ass, an en alluminiums Kachdeppen och matt engem weisse Band em de Kenn a matt zwe'n decker Putschen un all Heng just iwert den O'eren. -(d'Deppen kennen kleng sin an uewen um Kapp setzen oder me' gro'ss dass se an de Kapp gin , uecht gin dass se net ze enk sin dass kên mam Kapp dra stieche bleiwt ..

Philomène :(So'bal et se geseit kommen ) Hei do kommen se jo ..

Josette : (sprachlos ) Wât der Jomer ass dât )

Madame : (lacht) Ma de Kechensclub ..hun ech der jo gesot ...

Philomène : ( Get en alluguer d'Hand .) Bonjour Rosalie .. Caroline.. Madeleine.. asw... Madame , ech stellen iech ons Club fir.
Madame a Josette (gin en och alleguer d'Hand )

Philomène : (lacht ) Lo sitt dir hei .. ma ech gin net matt ?....

Rosalie : (sprachlos) We'.. an du dés ons extra heihi kommen ..

Philomène: Hätt ech gewosst wât ech elo wês , dann ech iech guer net brauchen ze ruffen ,

Caroline : Wât ass dann nömme lass , et schengt dir gudd ergang ze sin .

Madame : Ma Philomène huet 't gro'sst Lo's gewonn..

Josette : An et get ons Associée ..

De Kechensclub stellt sech direct we' op Komando op a si sangen 3 mol hech , hech,hech . All Ké'er bei hech klappen de' di Deckelen an der Hand hun se uewen um Kapp zesummen ..

Philomène : An nach eng Neiigkêt .. Onse Club muss dach och eppes dervun hun wann ê Member Millionaire get .. Ech gin iech,so'bal ech meng Souen hun IO000 fr an d'Kés..

All matt an âner : Bravo .. bravo , bravissimo ..(op di bekannt Weis ) All Ke'er bei O klappen se matt den Deckelen .

Madeneine : Op de' Force propose'eren ech de Kechensdanz ..

Philomène : ( se'er ) A la bonheur .. Meng Tromm ...(hatt rennt zur Dir aus a kent gleich drop ,während sech di âner fir den Danz op-stellen , matt engem gro'ssen Kachdöppen um Bauch matt enger Ficelle em den Hals gebonnen a matt zwe' Fléschhimmer an der Hand eran.
D'Musek fir de Reigen ass dem Regisseur frei gestallt ,och den Opbau vum Reigen . d'Philomène schle't den Takt .

----------------